LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 11 MARS 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

REÇU
Par Alff Christian , 11:33, 11/03/2021

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3611 du 11 février 2021 de l'honorable députée Madame Simone Asselborn-Bintz, concernant la construction d'un passage à faune au-dessus du CR110 entre Sanem et Bascharage, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N°3611 vum 11. Februar 2021 vun der honorabeler Deputéiert Simone Asselborn-Bintz iwwert " La construction d'un passage à faune au-dessus du CR 110 entre Sanem et Bascharage"

• *Bis elo huet et ni geheescht, dat den CR 110 misst ofgesenkt ginn. Weess de Minister firwat dës Aarbechten elo op eemol virgesi sinn a firwat op där Platz, wou d'Trennung duerch den CR110 schonns laang besteet, elo eng Wëldbréck virgesinn ass?*

D'Konzept vum Ofsenke vum CR110 ass fir den Zämerbësch op der östlecher Säit vum CR110, an dee schonn Natura 2000 geschützt ass, duerch eng Landschaftsbréck mam Bobësch op der westlecher Säit ze verbannen. De Bobësch soll am Kader vun de Ausgläichsmoossname vum Contournement vu Käerjeng och Natura 2000 klasséiert ginn.

• *Kann de Minister confirméieren, wou genee des Wëldbréck hikënnt? Bis elo gëtt et mengem Wëssen no kee Plang, deen ëffentlech zougänglech wier. Dobäi sollen d'Aarbechte laut Ausschreiwung schonns am Abrëll ufänken.*

Dës Landschaftsbréck géif déi zwee Bëscher praktesch um héchste Punkt vum CR110 op enger Breed vun ongefeier 30 Meter matenee verbannen. Déi ausgeschriwwen Aarbechte betreffen d'Ofsenkung vun der Strooss. De Bau vun der Landschaftsbréck soll an enger zweeter Soumissioun ausgeschriwwe ginn.

• *Wei wäert den Zougang zu der Gare wärend dëser laanger Chantiersphase kënne séchergestallt ginn? Wat sinn d'Repercussiounen op de Trafic generell, a méi spezifesch op d'Bussen, déi d'Gare ufueren?*

Wärend dem Chantier wäert d'Gare ëmmer zougänglech bleiwen. Wärend gewësse Phase vum Chantier wäert den Duerchgang vu Suessem op Käerjeng awer net méiglech sinn an d'Gare ass dann entweder just vu Suessem respektiv vu Käerjeng aus erreechbar, dëst an enker Koordinatioun mat den Aarbechten um Boulevard Kennedy (CR110) ob Käerjenger Säit.

• *Gedenkt de Minister de Projet ëffentlech ze presentéieren?*

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten denkt à ce stade net drun, eng extra ëffentlech Presentatioun vum Projet ze maachen.